



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vum Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 1872 vum 30. Januar 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Gérard Schockmel.

- Wéi vill Vapen ginn zu Lëtzebuerg all Joer verkaf?

Momentan stinn eis keng Zuele betreffend de Verkaf vun elektronischen Zigaretten zu Lëtzebuerg zur Verfügung. Allerdéngs müssen all d'Vaping-Produkter ab dem 1. Abrëll 2025¹ eng Steiermarkéierung droen. D'Verkafsbutteker müssen sech dann och am Virus bei der Douane- an Akzisenverwaltung umellen.

Duerch d'Iwwerwaachung vum Bestellvolumen fir Steuerstempelen, déi vun de Produzenten oder Importateure bei der Douane- an Akzisenverwaltung ugefrot ginn, wäert et méiglech sinn, déi järelech Verkafszuele fir d'Land ze schätzen.

- Wat fir eng gesondheetlech Implicatioune fir d'Consommateure gi vun den a E-Liquiden enthalene Chemikalien aus?

Déi meescht cheemesch Zousatzstoffer an de E-Liquiden sinn erlaabt, laut dem Artikel 7, Paragraph 3, Punkte c) bis g) vum Tubaksgesetz, a ginn och a Liewensmëttelen an a villen anere Beräicher wéi der Pharmacieindustrie oder der Kosmetik benotzt. Et bestinn awer vill Inconnuen iwwer hir Konsequenzen op d'Otemweeër bei der Inhalatioun, souwuel op kuerzfristeger wéi op laangfristeger Siicht. Déi tatsächlech Toxicitéit vun enger Substanz hänkt ënner anerem vun der Heefegkeet an Dauer vun der Belaaschtung of, awer och dovun, wéi se an de Kierper kënnt.

Wat Implicatioune ugeet, erënnere mir un d'Epidemie vun der Vergëftung duerch elektronesch Zigaretten am Joer 2019 an den USA².

Och net ze vergiesse sinn déi negativ Effekter vum Nikotin op d'Gesondheet an op d'Gehierentwécklung bei de Jonken, souwéi de Risiko vu kardiovaskuläre Krankheeten. Konsumente vun E-Liquiden riskéieren Otemweeirritatioune, déi zu enger Longenentzündung féiere kënnen, verursaacht duerch widderhuelend a verlängert Expositioun vu Propylenglycol a Glycerin³ (d'Haaptstoffer vun de E-Liquiden). Och de Verdauungssystem wier net verschont, wéi eng Etüde an iScience weist. Dës Etüde beschreift, datt bei enger widderhuelter Expositioun vu Glycerin eng chronesch Entzündung vun der Darmbarriär⁴ optriede kéint. Dës Barriär spillt eng wichteg Roll, fir ze verhënneren, datt Toxinen an aner schiedlech Pathogenen an de Kierper erakommen.

Obwuel mir nach net dee selwechte Wëssensstand hu wéi bei de gewéinlechen Tubaksproduiten, bleiwe mir trotzdeem opmierksam a verfolge déi rezent wëssenschaftlech Fortschrëtt an Erkenntnisser iwwer d'Risiko vun E-Liquiden.

¹ <https://douanes.public.lu/content/dam/douanes/fr/accises/info-taxud-09-2024-accises-taxation-nouveaux-produits-tabac-manufactur-m1-e-signed.pdf>

² https://archive.cdc.gov/www.cdc.gov/tobacco/basic_information/e-cigarettes/severe-lung-disease.html

³ Kim MD, Chung S, Dennis JS, Yoshida M, Aguiar C, Aller SP, Mendes ES, Schmid A, Sabater J, Baumlin N, Salathe M. „Vegetable glycerin e-cigarette aerosols cause airway inflammation and ion channel dysfunction.“ Front Pharmacol. 2022 Sep 26;13:1012723

⁴ Sharma A, Lee J, Fonseca AG, Moshensky A, Kothari T, Sayed IM, Ibeawuchi SR, Pranadinata RF, Ear J, Sahoo D, Crotty-Alexander LE, Ghosh P, Das S. „E-cigarettes compromise the gut barrier and trigger inflammation.“ iScience. 2021 Jan 6;24(2):102035.



D'E-Zigaretten, déi net duerch eng medezinesch Begleedung kontrolléiert gëtt, ass keng sécher Alternativ zu den Tabakprodukter. Am Kader vun enger medezinescher Iwwerwaachung, ginn d'Nikotindoséierungen ugepasst an an engem Entwinnungsplang begleet. An dësem Fall soll den Usage punktuell limitéiert a kontrolléiert bleiwen.

- *Wéi eng wëssenschaftlech Studie leien der Madamm Ministesch zu de Laangzäitwirkinge vu Vapen op d'Gesondheet vir?*

Am Joer 2018 hunn d'*National Academies of Sciences, Engineering, and Medicine (NASEM)* de bis ewell komplettste Rapport iwwer d'Gesondheetskongsequenze vun der Benotzung vun der elektronischer Zigaretten publizéiert.

Dëse Rapport ass zur Conclusioun komm, datt d'Vapote mat verschiddene physiologeschen Effekter beim Mënsch associéiert ass, wéi zum Beispill akut Verännerunge vum Häerzrhythmus, e potenziell erhéicht Risiko vu parodontalen Erkrankungen an e puer Fäll vun Intoxikatioun. Allerdéngs waren d'Beweiser fir déi chronesch, laangfristeg Gesondheetseffekter nach net verfügbar, besonnesch wat d'kardiovaskulär an d'respiratoresch Gesondheet souwéi d'Schwangerschaft ugeet ⁵.

D'NASEM-Etude gouf 2022 completéiert an d'Conclusioun ass, datt trotz der Unzuel vun den Etüden an dem Fortschritt, d'Gewëssheet iwwer d'Toxicitéit vun de E-Zigaretten nach ëmmer schwach ass, well et nach ëmmer schwéier ass d'Effekter vum E-Zigaretten damp eleng ze studéieren ⁶.

- *Wéi eng Belaaschtunge fir d'Ëmwelt kann duerch eng falsch Entsuerung vu Vapen an hire Bestanddeeler entstoen?*

Elektronesch Einwegzigaretten sollen net iwwer de Restmüll entsuergt ginn. Se falen ënnert d'Gesetz vum 9. Juni 2022 «relative aux déchets d'équipements électriques et électroniques». Laut deem Gesetz mussen se separat als Elektroschrott gesammelt ginn an d'Batterie muss erausgeholl ginn, iert se an enger Recyclingsfilie verwäert gëtt.

Zigaretten déi net korrekt entsuergt ginn, kënnen op verschiddenen Weeën en Impakt op d'Ëmwelt an op den Mënsch hunn. Wann si op de Buedem geheet ginn, wou se als "Littering" gëllen, kënnen Schuedstoffer aus de Batterien (Lithium) an dem Plastik an de Buedem oder an de Wasserkreeslaf geroden. Dëse Plastik kann sech an Mikroplastik zersetzen waat weider Konsequenze fir d'Ëmwelt an de Mënsch huet, wou Mikroplastik an verschiddenen Organer erëm fonnt gëtt ⁷. Weiderhi kënnen d'Batterien vun dësen Zigaretten am Fall vun enger Beschiedegung Féier fänken.

Lëtzebuerg, den 4. Mäerz 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez

⁵ <https://pubmed.ncbi.nlm.nih.gov/29894118/>

⁶ <https://www.frontiersin.org/journals/public-health/articles/10.3389/fpubh.2022.959622/full>

⁷ [Microplastics are everywhere — we need to understand how they affect human health | Nature Medicine](https://www.nature.com/articles/s41598-022-13111-1)